Réunion
07/2025

**Commune de Junglinster**

**Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être**

# Rapport de la réunion du 30/09/2025

**Lieu de réunion :** Centre polyvalent Gaston Stein **« am giele Sall »**

**Début de la réunion :** 19h30

**<u>Ordre du jour :</u>**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion
2. MAG Nov 2025 : Schlof ? an MAG Jan 2026: ?
3. Situatioun Instagram / Sozial Medien
4. Groupe Burnout vum "OPEN"
5. Themenowend "Du bass waats de ess" 15.10.25 Centre Culturel am Duerf JL
6. Divers

Fabrice Mousel — Président

Philippe Frisch — Secrétaire

## 1.Approbation du rapport de la dernière reunion

De Rapport vun der leschter Reunioun gouff unanime ugeholl.

## 2. MAG

Fir de Mag vum Januar 2026 huet d'Kommissioun e puer Iddien zréckbehalen:

**Thema „Schlof"**
D'Kommissioun huet sech kuerz mam Thema *Schlof* auserneegesat, dat eng zentral Roll fir d'allgemengt Wuelbefanne spillt. Et gouf driwwer diskutéiert, wéi wichteg en equilibréierte Schlofrhythmus fir Kierper a Geescht ass, besonnesch a stressvollen Zäiten oder bei onreegelméissege Liewensgewunnechten. Dofir huet d'Kommissioun decidéiert, dëst Thema an Zukunft duerch en Artikel am M*AG* (Gemengeblat) opzegräifen.

**Thema „Omega 90" – Service fir Kanner, déi stierwenskrank sinn**
En anert sensibelt a wichtegt Thema, dat d'Kommissioun behandelt huet, ass d'Aarbecht vum *Service Omega 90*. Dës Organisatioun bitt Betreiung, psychologesch a sozial Ënnerstëtzung fir Kanner, déi schwéier oder stierwenskrank sinn, an och fir hir Familljen. D'Kommissioun huet d'Wichtegkeet vun dësem Engagement ervirgehuewen an doriwwer geschwat, wéi eng enorm Bedeitung esou Servicer fir d'Familljen an esou schwéieren Zäite hunn. Fir dëst Thema méi an d'Ëffentlechkeet ze droen an d'Aarbecht vum Omega 90 méi bekannt ze maachen, ass virgesinn, an Zukunft en informativen Artikel am *MAG* ze publizéieren.

Déi genee Ausaarbechtung vun dësen Artikelen gëtt an enger spéiderer Reunioun gemaach.

## 3. Situatioun Instagram / Sozial Medien

D'Kommissioun huet elo eng offiziell Instagram-Säit, déi als Plattform déngt, fir d'Aarbecht an d'Engagement vun der Kommissioun méi visibel ze maachen. Iwwer dës Säit solle zukünfteg Evenementer, Projeten an Initiativen presentéiert ginn. Gläichzäiteg erméiglecht se et, d'Resultater vun der Aarbecht, souwéi gemeinsam Aktivitéiten a Kollaboratiounen mat anere Partner no bausse virzestellen an ze deelen. Dës digital Präsenz soll dozou bäidroen d'Visibilitéit vun der Kommissioun ze fërderen an de Kontakt mat der Ëffentlechkeet ze verbesseren

D'Linda wäert d'Verwaltung an d'Gestioun vun dëser Instagram-Säit iwwerhuelen

## 4. Groupe Burnout vum "OPEN"

De Fabrice huet matgedeelt, datt et am „Open“ eng Burnout-Grupp gëtt. Well d’Kommissioun dat Thema interessant fënnt, plangt de Fabrice eemol dohinner goen, fir sech e Bild dovun ze maachen.

## 5. Themenowend "Du bass waats de ess" 15.10.25 Centre Culturel am Duerf JL

Thema: „Du bass wat’s de ëss“

Datum a Sall: 15. Oktober 2025 am Centre Culturel ”am Duerf“

Leider huet ee vun eisen invitéierten Gäscht aus perséinleche Grënn misse ofsoen. Trotz dësem Imprévu huet d’Kommissioun, no engem produktive Brainstorming an a Récksprooch mat der Madame Rosquin, decidéiert, den Owend awer wéi geplangt stattfanne ze loossen – dëst Kéier mat nëmmen hir als Invitée.

Dës Decisioun gouf bewosst getraff, well d’Kommissioun der Meenung war, datt den Austausch mat der Madame Rosquin och eleng wäertvoll an inspiréierend géif bleiwen.

**Wichteg:**
D’Gemeng muss séier informéiert ginn, fir de Flyer unzepassen an d’Kommunikatioun no bausse korrekt ze gestalten.

Virbereedung:

- Flyer uppassen : Linda a Philippe
- Kontakt mat de Fournisseuren (Gedrénks & Schnittecher): Philippe
- Nimm-Schëlder: Philippe
- Treffen mam Stéphanie Rosquin den 01/10 am Lënster Bistro: Fabrice & Michèle
- Blummen fir eis Invitée: Françoise

Logistik:

- De Sall gëtt den 14/10 zesumme mam Portier besichtegt a preparéiert.
- D’Schnittecher ginn de 15/10 am Laf vum Mëtteg geliwwert a kaal gestallt.
- D’Gedrénks kommen den 14/10 un.

## 6.Divers

Als zukünftege Projet gouf d’Iddi diskutéiert, fir nees e Filmowend ze organiséieren. Als éischt Propositioun gouf de Film „Honig im Kopf“ genannt